1-2019-0-J-5778-01(n°3175)

adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot :
Fernand Kartheiser
P2 7546

Lëtzebuerg, de 17. Abrëll 2020

1

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest,

- datt no där aktueller legaler Basis an de Secteure vum Approvisionnement mat Gas an Elektresch d'Entreprisë mee och déi privat Stéit musse mat « Smartmeter », also sou genannten « intelligente" Compteuren, equipéiert ginn;

- datt sech an deem Kontext eng Rei vu Froe stellen, besonnesch wat eng méiglech Intrusioun an d'Privatsphär vun de Leit an de Risiko vun enger Verletzung vum Dateschutz ugeet;

- datt zënter de Gesetzer aus dem Joer 2007, déi d'Installatioun vun intelligente Compteure virschreiwen, sech dat legaalt Ëmfeld am Dateschutz substantiell geännert huet, besonnesch och duerch de „Règlement général sur la Protection des Données (RGPD)";

- datt vill Leit haut op de Problem sensibiliséiert sinn deen dora besteet, datt et net komplizéiert ass fir hir Privatsphär duerch technesch Mëttelen ze verletzen;

- datt och vill Leit sech Suerge wéinst enger eventueller Stralebelaaschtung duerch déi Compteure maachen;

- datt sech aus deene Grënn vill Leit dogéint wiere fir intelligent Compteure bei sech doheem installéiert ze kréien;

fuerdert d'Regierung op:

- datt si der Chamber soll bannent sechs Méint e Gesetzesprojet virleeë fir dat gesetzlecht Ëmfeld an deem Sënn ze änneren, datt d'Leit selwer kënnen decidéieren, ob si en „intelligente" Compteur wëlle bei sech installéiert kréien oder net;

- datt d'Leit, wann si schonn en intelligente Compteur kruten, deen nees kënnen, ouni datt dat mat Käschte fir si verbonnen ass, duerch en analoge Compteur ersetze loossen.

- der CNPD de Wonsch vun der Chamber ze iwwermëttelen, datt si ënnersiche soll (*Data Protection Impact Assessment*) wéi d'Réseausgestionnairen an d'Fournisseure vu Gas an Elektresch mat deenen Donnéeën ëmginn, déi d'Compteuren, virop déi „intelligent" Compteuren, hinne liwweren a wéi d'Datesécherheet an d'Rechter vum Konsument an deem Domän nach kënne verbessert ginn.

Fernand Kartheiser

Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745
ADR – Parti politique 20, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg